N°4608
Luxembourg, le 10.08.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 10.08.2026
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Chamberpresident

Lëtzebuerg, den 10. August 2026

Här President,

esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, géing mir Iech bieden dës **urgent** parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an un den Här Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus weiderzeleeden.

Wéinst den aktuell nidderege Waasserstänn op wichtege däitsche Waasserstroossen hunn e puer däitsch Bundeslänner, dorënner Rheinland-Pfalz an d'Saarland, d'Sonndes- a Feierdeeg-Fuerverbuet fir verschidde Camionstransporter temporär opgehuewen. Domat soll ënner anerem erméiglecht ginn, Transporter, déi wéinst den Aschränkunge vun der Banneschëfffaart net méi iwwert d'Waasser kënne gemaach ginn, op d'Strooss ze verlageren.

Dës Entwécklung ass och fir Lëtzebuerg vu besonneschem Interessi, notamment wéinst dem staarke grenziwwerschreidende Camionsverkéier an den enke wirtschaftleche Verflechtungen an der Groussregioun.

An deem Kontext wollte mir d'Regierung froen:

1. Ass d'Regierung vun den däitschen Autoritéiten iwwert d'temporär Ophiewe vum Sonndes- a Feierdeeg-Fuerverbuet informéiert ginn? Huet d'Regierung dës Mesure mat den däitschen Autoritéiten ofgeschwat oder koordinéiert? Wier eng Verlagerung op d'Schinn keng Alternativ?

2. Wéi eng Auswierkungen erwaart d'Regierung op de grenziwwerschreidende Schwéierverkéier zu Lëtzebuerg, notamment op den Haapttransitachsen an de Grenziwwergäng mat Däitschland?

3. Huet d'Regierung analyséiert, ob duerch déi ënnerschiddlech Reegelen tëscht Lëtzebuerg an Däitschland Wettbewerbsnodeeler fir lëtzebuergesch Transportentreprisë kéinten entstoen?

4. Wéi beurteelt d'Regierung de méigleche Widdersproch, dass als Reaktioun op déi niddreg Waasserstänn an déi domat verbonne klimatesch an dréchentbedéngte Problemer den Transport vun der Banneschëfffaart op d'Strooss verluecht gëtt, wat zu zousätzlechem Camionsverkéier an domat och zu zousätzlechen $CO_2$-Emissioune féiert?

5. Wéi steet d'Regierung zum Sonndesfuerverbuet fir Camionen hei am Land?

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

6. Wéi eng Gespréicher féiert d'Regierung mat Däitschland an deenen aneren Nopeschlänner, fir sécherzestellen, datt et duerch ënnerschiddlech national Reegelen net zu enger onkoordinéierter Verlagerung vum Schwéierverkéier an der Groussregioun kënnt?

Mat déiwem Respekt,

Ben Streff
Deputéierten

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu